

## Portrait

# Den Office national de l'enfance, ONE.

Den ONE ass eng ëffentlech Verwaltung ënnert der Tutelle vum Educatiounsministère. Seng Missioun ass et de Kanner, Jugendlechen an hiren Elteren eng Ënnerstëtzung ze gi wa si Schwieregkeeten hunn. Oft ass et just eng haart Zäit, déi et ze geréiert heescht fir dass et nees besser geet. D'Equippe kënnen iech esou hëllefen déi beschte Léisung ze fannen fir dass d'Saachen nees an d'Rei ginn.

Mat Hëllef vu senge Prestatairen, proposéiert den ONE Hëllefen déi un äert Kand ugepasst sinn (Orthophonie, Psychomotricité, Consultatioune mat engem/enger Psycholog(in), psychesch, sozial an edukativ Hëllef an der Famill, a.v.m.). Den ONE ass do fir iech a kann iech bei allen Zorte vu Probleemer ënnerstëtzen.

D'Missioun vum ONE konzentréiert sech haaptsächlech op d'Zesummenaarbecht mat de Kanner an den Elteren. Seng Equippe sinn do fir mat iech zesummen e konkreten Hëllefs-programm opzestellen, deen ärer Situatioun ugepasst ass. Des Hëllefe ginn am Kader vun engem Gespréich festgeluecht. Den ONE garantéiert dann d'Weiderféiere vun dëser Hëllef esou laang wéi dir wëllt an esou laang wéi se néideg ass.

Regional Antennen vum ONE ginn et an ärer Géigend. Am Moment ass den ONE an 14 Lokalitéiten uechtert d'Land vertrueden. Kuckt op www.officenationalenfance.lu a fannt de Büro deen am Nooste bei iech ass.

Office régional CAPELLEN
2-4, Parc d'activités Capellen (Bât.C)
L-8308 Capellen

Fir e Rdv, contactéiert eis Helpline um 8002-9393 wärend de Bürosstonnen (8 bis 18 Auer) oder schreift e Mail: one@one.etat.lu

**Mir hëllefen de Kanner, de Jugendlechen an den Elteren!**

office national
de l'enfance

*all Kand zielt*

soutien cohésion protection

ONE_PUBLIREPORTAGE_A4_LU.indd 4 07/07/2023 15:24